



Affen : D'Mille Marie-Thérèse um Däich.

# *Sprachwiirderkalenner 1993*

Ce calendrier comporte pour chaque jour de l'année un dicton ou proverbe, reflet de la sagesse populaire des régions de langue luxembourgeoise. Ces proverbes et dictons forment, en partie, la richesse culturelle de la langue et de la région.
Collectage : A. L. Piernet avec l'aide de la brochure "2500 Spréch a Spréchwiirder" de L. Wolter.

Sur chaque page se trouve une reproduction d'une ancienne carte postale de l'Arelerland.
Ces cartes nous ont été prêtées par M. G. Thommes et sélectionnées par S. Clesse.

Ce calendrier a été réalisé et édité par **ARELERLAND A SPROOCH**, association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoises.




Arel : den ale Musée an Schoul - Place Didier

# 1993

Brudder Haartmount,
wann ech déi Gewalt hätt
wéi du da misst d'Kallef
erfréieren an der Kou.

# *Januar - Haartmount*

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Aarm Leitsgäscht bleiwen nët laang | ***Neijooschdag*** |
| Samschdeg | 2 | Aarm Leitsgeschwätz kuckt ëmmer no uewen | |
| **Sonndeg** | 3 | Aarmutt as keng Schan, mä en lirtom scho vum Papp hier | |
| Méindeg | 4 | D'Aen sin dacks méi grouss wéi de Mo | |
| Daaschdeg | 5 | Adel ouni Geld as wéineg op der Welt | |
| Mëttwoch | 6 | A Geldsaachen hält d'Gemittlechkeet op | ***Dräikinneksdag*** |
| Donneschdeg | 7 | Al Frënn, ale Waïn an aalt Geld, hun hire Wäert an der ganzer Welt | |
| Freideg | 8 | Al gin steet am Härgott sénger Gonscht, jonk bleiwen dat as Liewenskonscht | |
| Samschdeg | 9 | All Bam huet séng Wuurzelen, all Sträit séng Ursaach | |
| **Sonndeg** | 10 | All Dreck fënnt saï Gesell | |
| Méindeg | 11 | Alles geet erlaanscht, mä déi léif Eiwegkeet nët | |
| Daaschdeg | 12 | Al Stiwwele musse vill geschmiert gin | |
| Mëttwoch | 13 | Am Donkelen as gutt monkelen | |
| Donneschdeg | 14 | An de Bur aus deem s du gedronk hues, solls du nët späizen | |
| Freideg | 15 | An der Ei sichen d'Fraen hiirt Gléck an d'Männer hir Rou | |
| Samschdeg | 16 | An enger Ei soll ee sech nët liichtsënneg bekrichen | |
| **Sonndeg** | 17 | An enger gudder Ei ergänze sech Liicht a Schiet | |
| Méindeg | 18 | Anerleits Brout kascht deier | |
| Daaschdeg | 19 | Anerleits Brouts schmaacht ëmmer besser | |
| Mëttwoch | 20 | Aarm Eier as besser wéi räich Schan | ***Sebastiaansdag*** |
| Donneschdeg | 21 | Arem oder räich, der Doud mécht alles gläich | |
| Freideg | 22 | Aus den Ae liicht den Himmel oder d'Häll | ***Vinzensdag*** |
| Samschdeg | 23 | Aus den Aen, aus dem Sënn | |
| **Sonndeg** | 24 | Aus der selwechter Blumm wou d'Bei den Hunneg hëlt, hëlt d'Spann hiirt Gëft | |
| Méindeg | 25 | Bal as nach wäit vum Bësch | ***Pauls Bekéierong*** |
| Daaschdeg | 26 | Bal gët gelaut, bal gët geschellt awer nëmme fir d'Geld | |
| Mëttwoch | 27 | Batter gewonn a séiss verziert | |
| Donneschdeg | 28 | Battren Dronk, dem Häerz gesond | |
| Freideg | 29 | Bäckelcher schéi rout, hu Kanner ouni Nout | |
| Samschdeg | 30 | Bäiss nët wann s de nët weess ob et Steen oder Brout as | |
| **Sonndeg** | 31 | Behaapten as beweisen | |





Attem: D'Statioun an d'Zich.

# 1993

Wann et fir
Liichtmesdag stuurmt
a schneit dann as
d'Fréijor nët méi wäit.

# Februar - Spürkel
## Kazemount - Schnéimount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Behennegkeet as keng Hexerei | |
| Daaschteg | 2 | Béier deen net gedronk gët, huet säi Beruff verfeelt | ***Liichtmesdag*** |
| Mëttwoch | 3 | Beim Akaf, honnert Aen, beim Verkaf nëmmen eent | ***Blasiusdag*** |
| Donneschdeg | 4 | Bekëmmert jidderee sech sénger Saach, da fält kee Schneider vum Dag | |
| Freideg | 5 | Besser an e saueren Apel baisse wéi Honger leiden | |
| Samschdeg | 6 | Besser béie wéi briéchen | |
| **Sonndeg** | 7 | Besser den Aascht fält wéi de Bam | |
| Méindeg | 8 | Besser den éischten doheem, wéi den zweeten zu Roum | |
| Daaschteg | 9 | Besser dräimol iwerluecht wéi e Bee gebruet (gebrach) | |
| Mëttwoch | 10 | Besser éierlech gestuerf wéi schänterlech verduerf | |
| Donneschdeg | 11 | Besser en Ä am Fridden wéi en Ochs am Krich | |
| Freideg | 12 | Besser en Enn mat Schrecken, wéi e Schrecken ouni Enn | |
| Samschdeg | 13 | Besser eppes wéi guer näischt | |
| **Sonndeg** | 14 | Besser e Stéck op der Box, wéi e Lach drann | ***Vältesdag*** |
| Méindeg | 15 | Besser gefléckt wéi gezrass | |
| Daaschteg | 16 | Besser geléiert wéi geféiert | |
| Mëttwoch | 17 | Besser Geld am Sak wéi eng Plomm um Hutt | |
| Donneschdeg | 18 | Besser gutt geruascht wéi schlecht geschafft | |
| Freideg | 19 | Besser hun, wéi kréien | |
| Samschdeg | 20 | Besser lues wéi guer nët | |
| **Sonndeg** | 21 | Besser waarme Gestank wéi kale Wand | ***Fuessonndeg*** |
| Méindeg | 22 | Bestued dech mat dénges Gläichen | ***Fuesméindeg*** |
| Daaschteg | 23 | Blannen Äifer schuet nëmmen | ***Fuesdaaschdeg*** |
| Mëttwoch | 24 | Bleif doheem an ernier dech éierlech | ***Mathaisdag - Äschemëttwoch*** |
| Donneschdeg | 25 | D'Aarbecht huet eng batter Wuurzel an eng séis Fruucht | |
| Freideg | 26 | D'Ae gin nët duer fir ze gesinn | |
| Samschdeg | 27 | D'Aen sichen dat wat dem Häerz gefält | |
| **Sonndeg** | 28 | D'Aen sin de Buet vun der Léift | ***Ounesonndeg - Buurgsonndeg*** |



Tënnen : D'Éilermillen

1993

Am Määrz
komme Schaueren
déi deglaang daueren

# Määrz - Lenzmount

| | | |
|---|---|---|
| Méindeg | 1 | D'Ae vun der Frëndschaft ire sech selen ........ |
| Daaschdeg | 2 | D'Affekote kënne léien, d'Judde bedréien an der Däiwel wäert s'all kréien ........ |
| Mëttwoch | 3 | D'Affekote schneide wéi Schéieren, alles wat se tëscht sech kréien ........ |
| Donneschdeg | 4 | D'Angscht as déi eenzeg Saach déi sech méi séier verbreet wéi Kanengercher .. |
| Freideg | 5 | Ausgerëtscht mam Fouss as besser wéi mat der Zong ........ |
| Samschdeg | 6 | D'Äärd zitt dermoossen un, datt déi Al gebéckt gin ........ |
| **Sonndeg** | 7 | Däi Brudder as dacks deejéinegen deen déng Mamm nët gebueren huet .. ***Bounesonndeg*** |
| Méindeg | 8 | D'Bauere si frou mat de kuurze Priédegte a mat de laangen Zoossissen ........ |
| Daaschdeg | 9 | D'Bauere sin och Leit ........ |
| Mëttwoch | 10 | D'Bicher léien och alt, well't seet een, léie wéi gedréckt ........ |
| Donneschdeg | 11 | De Baart rëscht de Bock ........ |
| Freideg | 12 | De Bauch kann nët fir de Kapp ........ |
| Samschdeg | 13 | De Bauer as eppes wéi e Weidentrauscht, hat en of, e schléit erëm zu alle Säiten aus ... |
| **Sonndeg** | 14 | De Bësch huet Ouren an d'Gewan huet Aen ........ ***Krounesonndeg*** |
| Méindeg | 15 | De Blëtz trefft éischter en Tuurm wéi eng Haip ........ |
| Daaschdeg | 16 | De Bluttséffer gët sech nët bis datt e voll as ........ |
| Mëttwoch | 17 | Dee Fra a Kanner huet, deem geet d'Aarbecht nët of ........ |
| Donneschdeg | 18 | Dee gewinnt as Brout ziessen, gët hongreg wann en Deeg gesäit ........ |
| Freideg | 19 | Deen A seet muss B soen ........ ***Jousefdag*** |
| Samschdeg | 20 | Deen all Bam fäert, kënnt nët duurch de Bësch ........ |
| **Sonndeg** | 21 | De Guckuck sengt nët fir déi Al ...... ***Halleffaaschten - Bratzelsonndeg Fréijor*** |
| Méindeg | 22 | Deen Där séint, soll nët buerféiss goen ........ |
| Daaschdeg | 23 | Deen ee planzt de Bam, deen aneren ësst d'Äppel ........ |
| Mëttwoch | 24 | Déi Al hun all Dag eppes Neies ........ |
| Donneschdeg | 25 | Déi al Leit hun hire Barometer bei sich ........ ***Maria Verkënnegong*** |
| Freideg | 26 | Déi al Kéi gin d'Mëllech an déi jonk Hénger leën d'Äer ........ |
| Samschdeg | 27 | Déi Al sin zéi fir ze gin, dat deet wéi ........ |
| **Sonndeg** | 28 | Déi al Leit waren och keng Daboën ........ ***Ellesonndeg*** |
| Méindeg | 29 | Déi Al soll een éieren, déi Jonk soll ee léieren, déi Verstänneg soll ee froen ...... |
| Daaschdeg | 30 | Déi bescht Drauwen hänken ëmmer uewen ........ |
| Mëttwoch | 31 | Déi blannst sin déi, déi nët kucken ........ |




Part : D'Grouss Plaz.

# 1993

Den éischten Abrëll
schéckt een d'Gecke
wuer ee wëll

# Abréil - Gecksmount
## Fréiléng

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | Déi ee bäi der Däiwel wënschen, déi liéwen am längsten | |
| Freideg | 2 | D'Eieleit daarfen d ' Héiflechkeet nët verléieren | |
| Samschdeg | 3 | D'Ei kann e Biergwierk sinzet muss ee bei séngem Partner bis un d'Enn no Shätz sichen | |
| **Sonndeg** | 4 | D'Ei kënt no der Léift, wéi den Damp no der Flam | ***Pallemsonndeg*** |
| Méindeg | 5 | Déi kleng Däppen hun dacks grouss Ouren | |
| Daaschdeg | 6 | Déi sauer Aarbecht vum jonktem mécht den Alter séis | |
| Mëttwoch | 7 | Déi schärfst Ae kommen nët un d'Spektiv erun | |
| Donneschdeg | 8 | Den Aarme laacht méi dacks wéi de Räichen | ***Grengen Donneschdeg*** |
| Freideg | 9 | Den Adler fänkt keng Mécken | ***Karfreideg*** |
| Samschdeg | 10 | Den Aascht fält nët wäit vum Bam | ***Karsamschdeg*** |
| **Sonndeg** | 11 | Dem Agebilte geet méi an d'Nues wéi an d'Ouer | ***Ouschterdag*** |
| Méindeg | 12 | Den Aarmen as e Friemen a sengem Land | ***Ouschterméindeg*** |
| Daaschdeg | 13 | Den Aarme Mann as geplot jorajoraus fir d'Kuuscht am Stot | |
| Mëttwoch | 14 | Den Aarmen as eng Bank deen seng Zënsen am Himmel fënnt | |
| Donneschdeg | 15 | Den Aarmut an d'Hoffnung si Mamm a Meedchen | |
| Freideg | 16 | Den Aarmen huet e grousse Schaz wann d'Häerz him op der rechter Plaz klappt .. | |
| Samschdeg | 17 | Den Aarmut schänt nët, mä en as en décke Steen am Wee | |
| **Sonndeg** | 18 | Den Alkol ersëft d'Gesoondheet | ***Wäissen Ouschterdag*** |
| Méindeg | 19 | Den Af weess op wat fir ee Bam e klamme soll | |
| Daaschdeg | 20 | Den Alter as keng Krankheet un deer ee stierft | |
| Mëttwoch | 21 | Dem Affekot seng Hänn sin ëmmer an irgendengem sénger Täsch | |
| Donneschdeg | 22 | Den Alter spiirt ee richteg wann een ufänkt sech dermat zentschëllegen | |
| Freideg | 23 | Den Appetitt kënnt mam lessen | |
| Samschdeg | 24 | Denken as nët esou geféierlech wéi schwätzen | |
| **Sonndeg** | 25 | De Puff kënnt vun den Aarmeleitstrëpperten | ***Marksdag*** |
| Méindeg | 26 | Der Däiwel bleift nët ëmmer op der selwechter Dir sëtzen | |
| Daaschdeg | 27 | Der Doud huet kee Kalenner | |
| Mëttwoch | 28 | D'Geleenheet huet nëmmen Hoer vir, hannen huet se eng Glatz | |
| Donneschdeg | 29 | D'Geleenheet mécht den Déif | |
| Freideg | 30 | D'Gerechtegkeet huet eng wuessen Nues | |




Hondel : D'Bäckerei an der Strooss "François".

# 1993

Mee kill an naass fëlt
dem Bauer Scheier
a Faass.

# Mee - Oktavsmount

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | D'Kaart an de Patt maachen der vill aarm |
| **Sonndeg** | 2 | D'Madamm as frou wann et den aarme Leit gutt geet |
| Méindeg | 3 | Dobaussen huet een honnert Aen, doheem knaps eent |
| Daaschdeg | 4 | Dobaussen triede se dacks op an doheem as et beim aarme Jhang |
| Mëttwoch | 5 | Do wou ee sech ameséiert wéi et sech gehéiert, huet selen ee jhénéiert |
| Donneschdeg | 6 | Dokter, hëlleft der selwer, éierscht de un deen aner erëm dokters |
| Freideg | 7 | Domm Leit lachen ëmmer wa s ee gescheit Wuurt héieren |
| Samschdeg | 8 | Doheem nët wuel, néierens wuel ... ***Tréschterin der Betrübten*** |
| **Sonndeg** | 9 | Dräi verdroe sech gutt wann der zwéin nët doheem sin |
| Méindeg | 10 | E. Bauer an e Béier, e Widder an e Stéier si véier ongschéckter Déier |
| Daaschdeg | 11 | D'Schmattspäerd an d'Schousterfra mussen dacks buerféiss lafen |
| Mëttwoch | 12 | Dréche Brout mécht och sat ... ***Bittgang op Lëtzebuerg*** |
| Donneschdeg | 13 | E Blanne krut Aen an huet gläich Aperhoer verlaangt |
| Freideg | 14 | Edelt oder onedelt Blutt huet déi selwecht Faarf |
| Samschdeg | 15 | Ee faulen Apel stécht déi aner un |
| **Sonndeg** | 16 | Eemol as nët all Dag |
| Méindeg | 17 | Een deen dech gebass huet, erënnert dech drun dass du och Zänn hues |
| Daaschdeg | 18 | Eent Ä gläicht deem aner |
| Mëttwoch | 19 | Eent A verschimmt de ganze Bak |
| Donneschdeg | 20 | Iesst keng Brach wann der den Houscht hut ... ***Christihimmelfaart*** |
| Freideg | 21 | E Geschäftsmann deen nët litt, ka säi Buttéck zou man |
| Samschdeg | 22 | E gudde Geschäftsmann hält d'Gedanken an d'Zäit ze Rot |
| **Sonndeg** | 23 | E gudde Kommando as d'hallef Aarbecht |
| Méindeg | 24 | E gudden Dësch a wéineg Aarbecht kann een häerden |
| Daaschdeg | 25 | Eidel Fässer man de meeschte Kaméidi |
| Mëttwoch | 26 | Eischt Gewënner, lescht Verspiller |
| Donneschdeg | 27 | E Läffel voll Dot as besser wéi e Sieschter voll Rot |
| Freideg | 28 | En Aarme kennt séng Famill besser wéi e Raïchen |
| Samschdeg | 29 | En aarme Mann mat engem éierleche Gesiicht geet nët fechten |
| **Sonndeg** | 30 | En Aarme Papp, arem Kanner ... ***Päischdag*** |
| Méindeg | 31 | En Af bleift en Af, sief e Kinnek oder Paf ... ***Bittgang H. Willibrord (Guirsch)*** |




Miezeg : De Statiounerwee an d'Häerd

# 1993

Juni waarm an naass do gët et vill Kar an nach méi Graass.

# Juni - Broochmount
## Rousemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschdeg | 1 | En Affekot brauch och gutt Réit | ***Sprangprëssiou zu lechternach*** |
| Mëttwoch | 2 | En Alen dee beléift as, as wéi e Wanter mat Blummen | |
| Donnesschdeg | 3 | En Alen dee vill Sprechwiirder kennt, kann all Sträit aus ser Welt schafen | |
| Freideg | 4 | En Déif an d'Leit sin nët auszehidden | |
| Samschdeg | 5 | En dire Bam dréit nët | |
| **Sonndeg** | 6 | Enegkeet mécht staark | ***Dräifaltegkeetsdag*** |
| Méindeg | 7 | Eng Aax am Haus spuert den Zammermann | |
| Daaschdeg | 8 | Eng Bees ouni Baart, eng Rous ouni Blat | |
| Mëttwoch | 9 | Eng Bees schmaacht guut wann ee se kritt | |
| Donnesschdeg | 10 | Eng blann Sau kann och emol eng Eechel fannen | ***Zerläichendag*** |
| Freideg | 11 | Eng Blumm mécht kee Kranz | |
| Samschdeg | 12 | Engem Af geet alles | |
| **Sonndeg** | 13 | Eng gutt Bei rascht nët op enger wielecher Blumm | ***Pappendag*** |
| Méindeg | 14 | En haus ouni Schlass mécht aus dem Déif en éierleche Mënsch | |
| Daaschdeg | 15 | Ënnen am Duerf as et eng Box méi waarm wéi uewen am Duerf | |
| Mëttwoch | 16 | Erzéien an erniéren as zweeërlee | |
| Donnesschdeg | 17 | E stodéierten Dabo as méi ugesi wéi e gescheiten Aarbechter | |
| Freideg | 18 | Et geet méi licht de Bierg of, wéi de Bierg op | |
| Samschdeg | 19 | Et gët esou vill heemlechen Aarmutt wéi heemleche Räichtom | |
| **Sonndeg** | 20 | Et muss een Nët ëmmer de Bierg gesinn | |
| Méindeg | 21 | Et gët keen aarm bestued | ***Summer*** |
| Daaschdeg | 22 | Et soll ee keemol säin Appetitt matiessen | |
| Mëttwoch | 23 | Fir beschass ze gi muss ee séch bestueden, fir gelueft ze gi muss ee stierwen | |
| Donnesschdeg | 24 | Fir d'Brach ze knaën brauch ee keng Zänn | |
| Freideg | 25 | Fir e Bauer eranzeléë muss ee fréi opstoen | |
| Samschdeg | 26 | Fir Geld kann ee séch Zocker kafen | |
| **Sonndeg** | 27 | Fir Geld kritt een den Zocker an de Pabbeier agewéckelt | |
| Méindeg | 28 | Fir gudden Deeg ze kréien, muss Hand an Aarm sech réieren | |
| Daaschdeg | 29 | Fir ze blimmelen muss ee Gäärtner sin | |
| Mëttwoch | 30 | Gebotzt wéi eng Päischrous, da get ee gär zu Fouss | |




Luxert : Ee Bauerenhaff

ARELER LAND A SPROOCH

# 1993

D'Julissonn bréngt
Gold an all Haiser.

# Juli - Heemount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschdeg | 1 | Gefaascht as nët gespuert ... | |
| Freideg | 2 | Gläich a gläich gesellt sech gär ... | ***Maria Heimsuchung*** |
| Samschdeg | 3 | Géi mat aner gelénd zum Gericht a mat dir selwer streng ... | |
| **Sonndeg** | 4 | Géint der Doud gët et keng Dispens vu Roum ... | |
| Méindeg | 5 | Geld a Gutt bréngt Fridden, mä brécht vill Häerzer ... | |
| Daaschdeg | 6 | Geld eleng mécht nët glécklech, et muss een ës och hun ... | |
| Mëttwoch | 7 | Geld léinen a sech um Kapp krazen deet nëmmen eemol gutt ... | |
| Donneschdeg | 8 | Genuch as genuch a besser wéi ze vill ... | |
| Freideg | 9 | Géint d'Dommheet as kee Kraut gewuess ... | |
| Samschdeg | 10 | Grouss Eier, grousse Beschwéier ... | |
| **Sonndeg** | 11 | Gutt Deg kaschte Geld ... | ***Donatisdag (Areler Kiirmes)*** |
| Méindeg | 12 | Gutt a Geld hele kee Kranken a maachen keen Doudegen erëm lieweg ... | |
| Daaschdeg | 13 | Gutt gebonn as hallef gedroen ... | |
| Mëttwoch | 14 | Hall deng Aen zou wann et stëbst ... | |
| Donneschdeg | 15 | Haut rout, mar doud ... | ***Donatismass fir d'Dierfer*** |
| Freideg | 16 | Ham mat Zalot schmaacht besser wéi kale Brot ... | |
| Samschdeg | 17 | Härenkächen a Milleschwäin, déi soll ee loosse wou se säin ... | |
| **Sonndeg** | 18 | Hätten an Hate waren zwee aarm Leit ... | |
| Méindeg | 19 | E geet d'ganz Woch no Aarbecht sichen an as sonndes frou wann e keng fond huet .. | |
| Daaschdeg | 20 | Hënn déi nët bille bäissen am meeschten ... | |
| Mëttwoch | 21 | Holz a Leed wiist all Dag ... | ***Nationale Feierdag*** |
| Donneschdeg | 22 | Huet e Brout a Brennes vëlleg as den aarme Mann gedëlleg ... | |
| Freideg | 23 | Jiddereen denkt d'éischt u sech ... | |
| Samschdeg | 24 | Jidder Hond huet säin Dag ... | |
| **Sonndeg** | 25 | Jidfereen huet genuch mat sech ze din ... | |
| Méindeg | 26 | Jonken Dokter; fette Kiirfecht ... | |
| Daaschdeg | 27 | Kaf näischt bis du Geld hues ... | |
| Mëttwoch | 28 | Kanns de nët drécken, dann zéi, kanns de nët zéien, da maach dech aus de Féiss ... | |
| Donneschdeg | 29 | Kee Fett an der Pan mécht Aarmeleitsgeroch ... | |
| Freideg | 30 | Kee Geld, kee Lieder ... | |
| Samschdeg | 31 | Keen Af laacht iwert engem aneren Af säin Houf um Hënner ... | |



Tontel : Den ale Greinerhaff

**1993**

Hëtzt am August
strenge Wanter.

# August - Huerwermount
## Aascht - Karschnatz

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndeg** | 1 | Kéis a Brout mécht d'Bake rout |
| Méindeg | 2 | Kuurtz Bee maachen de Wee laang |
| Daaschdeg | 3 | Laaf mer de Bockel erof, mä ouni Zabotten |
| Mëttwoch | 4 | Laf nët éischter bis dass deng Been dech droen |
| Donneschdeg | 5 | Leed a Freed si Brudder a Sëschter |
| Freideg | 6 | Leed oder Freed : a fofzeg Joer as alles eent |
| Samschdeg | 7 | Léien a bedréien as engerlee |
| **Sonndeg** | 8 | Léier keen alen Af Grimasse maachen |
| Méindeg | 9 | Léift ! Et gët näischt Schlëmmeres an näischt Besseres |
| Daaschdeg | 10 | Léift ouni Leed gët et niirgens |
| Mëttwoch | 11 | Léiwer Land an Haff verluer, wéi falschen Eed geschwuer |
| Donneschdeg | 12 | Léiwer liewenslänglech wéi bestued |
| Freideg | 13 | Léngent as en heemleche Räichtom |
| Samschdeg | 14 | Lief fir ze stierwen |
| **Sonndeg** | 15 | Liicht gewonn, liicht verziert ... ***Léiffrakrautdag*** |
| Méindeg | 16 | Maach kengem Komplimenter dee Geld siche kënnt |
| Daaschdeg | 17 | Mam Béier drénke gët vill Zäit doud geschloen |
| Mëttwoch | 18 | Mam Doud kann een ni op guddem Fouss liewen, well een de Fouss mathëlt |
| Donneschdeg | 19 | Mam Geescht errecht ee méi wéi mam Gefill, mä et kënnt ee nët esou wäit |
| Freideg | 20 | Mam rietse Been an d'Welt an't geet wéi et der gefällt |
| Samschdeg | 21 | Mam waarden do vergeet de Mutt |
| **Sonndeg** | 22 | Mann a Fra déi zesummen halen, erdroen alles |
| Méindeg | 23 | Mat enger Mouk aus dem Tëmpel kann ee nit vum Mier schwätzen |
| Daaschdeg | 24 | Mat Esseg fänkt ee keng Mécken |
| Mëttwoch | 25 | Mat Geld, Latäin an engem gudde Päerd kënnt een duurch d'ganz Welt |
| Donneschdeg | 26 | Méichen all Besen e bloe Fleck, da gesich ee munch gepiirpelte Geck |
| Freideg | 27 | Muncher ee wollt Moler gin an huet nëmmen zu engem Efaltspënsel bruecht |
| Samschdeg | 28 | Munnech Alen as nët sou raschteg wéi der vill mengen |
| **Sonndeg** | 29 | Näischt soen as och eng Konscht |
| Méindeg | 30 | Nei Kiirchen a nei Wirtshaiser si selen egel |
| Daaschdeg | 31 | Nët all blo Aen si schéin |




Attert : D"Schoul "Pensionnat St Joseph".

**1993**

Bléist am September den
Hiirt an d'Har dann
heescht et, Bauer,
séin däi Kar.

# September - Hierschtmount

| | | |
|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Nët deen as aarm dee wéineg huet, mä deen dee will verlaangt ..................... |
| Donneschdeg | 2 | Nët emol déi wëll Beie falen op d'Schmink eran ........................................ |
| Freideg | 3 | Nokucke kascht näischt ................................................................................ |
| Samschdeg | 4 | Nokucken as méi liicht wéi maachen ............................................................ |
| **Sonndeg** | 5 | Nom boren Drot gët nët vill gefrot ............ ***Bittgang N. D. Lourdes Kaschbur*** |
| Méindeg | 6 | Nom Doud huet all Péng en Enn ................................................................. |
| Daaschdeg | 7 | Och d'Ei soll geplout gi wann eppes draus soll entstoen ............................ |
| Mëttwoch | 8 | Ondank as de loun vun der Welt ......................................... ***Mariagebuurt*** |
| Donneschdeg | 9 | Pak geet mat Pak a Buttéck hält zesummen ................................................ |
| Freideg | 10 | Pech as Pech, soubal e waarm gët klieft en ................................................ |
| Samschdeg | 11 | Proppertéit as d'halleft Liewen ................................................................... |
| **Sonndeg** | 12 | Rascht frësst d'Eisen .................................................................................... |
| Méindeg | 13 | Rate maache keng Mais ............................................................................... |
| Daaschdeg | 14 | Räichtom, Goldgefonkel, d'Mënschenhäerz mécht donkel ............................ |
| Mëttwoch | 15 | Recht a Gerechtegkeet as zweeërlee ........................................................... |
| Donneschdeg | 16 | Reent et sonndes vir der Mass, da reent et an der Woch gewëss ................ |
| Freideg | 17 | Schlecht beispiller verdierwe gutt Manéieren .............................................. |
| Samschdeg | 18 | Schlecht Bläistëfter verdierwe gutt Skizzen ................................................ |
| **Sonndeg** | 19 | Schouster, bleif bäi dénger Leescht ............................................................ |
| Méindeg | 20 | Schwätzen ouni ziwerléen as wéi schéissen ouni ze bichten ........................ |
| Daaschdeg | 21 | Schwätz wéineg, lauschter vill ..................................................................... |
| Mëttwoch | 22 | Schwéier dréckt de volle Beidel, nach méi schwéier wann en eidel ............. |
| Donneschdeg | 23 | Sech bestueden as gutt, sech nët bestueden as besser ................................ |
| Freideg | 24 | Séiss gedronk, sauer bezuelt ....................................................................... |
| Samschdeg | 25 | Sin oder nët sin, dat as d'Fro ....................................................................... |
| **Sonndeg** | 26 | Soll de Biessem eech maachen eng renglech Botz, dann daarf en nët selwer si voller Schmotz.. |
| Méindeg | 27 | So mer mat wiem s de gees an ech soen der wien s de bas .......................... |
| Daaschdeg | 28 | Sou grouss an sou kleng as keng Dir et steet e Kräiz dervir ........................ |
| Mëttwoch | 29 | Soen a maachen as zweeërlee ................. ***Méchelsdag - Méchelssummer*** |
| Donneschdeg | 30 | Sou laang een nët doud as, as alles méiglech ............................................ |



Tiirpen : D'Gare (Halte)

1993

E waarmen Oktober
bréngt e kale Februar.

# Oktober - Wäimount
## Gromperemount - Reismount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Speck a Schwaart sin enger Aart ..., ........................................ | ***H. Theresa*** |
| Samschdeg | 2 | Spueren as de sécherste Wee fir zu eppes ze kommen ......... | ***Schutzengelen*** |
| **Sonndeg** | 3 | Et stierft ee léiwer mar wéi haut ........................................................ | |
| Méindeg | 4 | D'A as eng Fënster vum Häerz ........................................................ | |
| Daaschdeg | 5 | Et as besser an Ä haut wéi en Hong mar ............................................ | |
| Mëttwoch | 6 | Et as Dommheet aarm ze liewe fir räich ze stierwen ................................. | |
| Donneschdeg | 7 | Et as ee méi laang doud wéi lieweg ....................... | ***Muttergotsrousekrantz*** |
| Freideg | 8 | Et as keen sou nidderträchteg e fënnt en Affekot ..................................... | |
| Samschdeg | 9 | Et as mir egal wien d'Bir schielt, wann ech s'iessen ................................ | |
| **Sonndeg** | 10 | Et as näischt iwert dat Aalt .............................................................. | |
| Méindeg | 11 | Et as nët gutt wann een deem aner an d'Dëppe gesäit ............................... | |
| Daaschdeg | 12 | Et as nët gutt wann d'Wieder an en diren Aascht schléit ............................ | |
| Mëttwoch | 13 | D'Bestueden an d'Blutt deet sele gutt ................................................ | |
| Donneschdeg | 14 | D'Ä am Nascht as méi gescheit wéi d'Kluck déi iwerrannt gouf ........................ | |
| Freideg | 15 | D'Ä wëllt méi gescheit si wéi d'Hong ................................................ | |
| Samschdeg | 16 | Et gët Härebaueren an et gët déi Häre Baueren ........................................ | |
| **Sonndeg** | 17 | Et gët méi agebilt Gesonter wéi agebilt Kranker ...................................... | |
| Méindeg | 18 | Et gët nach Aarbecht wa mir nët méi do sin ............ | ***Luksdag - Lukssummer*** |
| Daaschdeg | 19 | Et muss een d'Aen an de Grapp huelen a mat de Kaule kucken .................... | |
| Mëttwoch | 20 | Et muss ee sech senger Decken no strecken ............................................ | |
| Donneschdeg | 21 | Trau kengem Schmeecheler ................................................................. | |
| Freideg | 22 | Et gin der vill déi schei vun der Aarbecht schwätzen mä se schaffe selwer näischt .. | |
| Samschdeg | 23 | Uedem an Eiv waren zwéin Äppeldéif ..................................................... | |
| **Sonndeg** | 24 | Um jéngster Dag hëlleft kee Geld méi .................................................. | |
| Méindeg | 25 | Vullen déi fréi sangen hëlt d'Kaz ......................................................... | |
| Daaschdeg | 26 | Vullen déi vrun der Zäit sangen, hale geschwënn erëm op .......................... | |
| Mëttwoch | 27 | Et verdierft kee sech säin Appetitt mat faaschten ..................................... | |
| Donneschdeg | 28 | Vergiess nët dass de Stëbs bas ......................................................... | |
| Freideg | 29 | Verléift an d'Klawéier, fënnt d'Aarbecht schwéier ...................................... | |
| Samschdeg | 30 | Verzicht mat Zäit op dat wat s de nët kanns kréien ................................... | |
| **Sonndeg** | 31 | Vill Besen drechenen de Mount aus ...................................................... | |




Lottert : De Lotterter Weier.

AREELER LAND A SPROOCH

1993

Nächst Jor de Bauer
laacht wann et
am November
blëtzt a kraacht.

# November - Wantermount
## Allerhelgemount -Niwwelmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Vill Dausch a wéineg bei der Heck ........................................ | ***Allerhellegen*** |
| Daaschdeg | 2 | Vill Geschäin, wéineg Wäin ........................................ | ***Allerséilen*** |
| Mëttwoch | 3 | Vill huet nach ni wéineg kascht ........................................ | ***Hubertusdag*** |
| Donneschdeg | 4 | Vill gi midd fir der Aarbecht aus der Wee ze goen, wéi wa se schwéier géiwe schaffen .. | |
| Freideg | 5 | Vum Bécke vru klenge Leit huet nach keen e kromme Réck kritt .................... | |
| Samschdeg | 6 | Vum Botzen a vum Kieren, ka kee Bauer sech ernieren .............................. | |
| **Sonndeg** | 7 | Vun der Brach kritt ee Schong an Huese gutt un ........................................ | |
| Méindeg | 8 | Wat nët brennt dat lescht nët ....................... | ***Määrtesdeg - Märtessummer*** |
| Daaschdeg | 9 | Vun hire jonke Spréng wëllen déi Al näischt méi wëssen ............................ | |
| Mëttwoch | 10 | Waarmen Damp as besser wéi kale Wand ........................................ | |
| Donneschdeg | 11 | Waart nët op den Duuscht fir ze drénken ........................................ | |
| Freideg | 12 | Wa mir och aarem sin, mir liewen awer gutt ........................................ | |
| Samschdeg | 13 | Wann d'Dommheet nët géif bestoen, da misst s'erschafe gin, well se deet vill Leit liewen .. | |
| **Sonndeg** | 14 | Wann de Bauer aarm as dann as d'ganzt Land aarm ................................ | |
| Méindeg | 15 | Wann déi Déck sech streiden, hun déi Kleng et um Mo .............................. | |
| Daaschdeg | 16 | Wann den Aarmutt un der Dir klappt, spréngt d'Léift zur Fënster eraus ............ | |
| Mëttwoch | 17 | Wann den Apel zeideg as, fällt e vum Bam ........................................ | |
| Donneschdeg | 18 | Wann der däiwel d'Kou huet, kann en d'Kallef och huelen .......................... | |
| Freideg | 19 | Wann d'Leit nët souvill Duuscht hätten, missten d' Baueren erhingeren ............ | |
| Samschdeg | 20 | Wann een am Damp as spillt den Alter keng Roll ..................................... | |
| **Sonndeg** | 21 | Wann een de Bauer këddelt, da stellt e sech op d'Zéiwen ............................ | |
| Méindeg | 22 | Wann een den Däiwel un d'Mauer moolt, da kënnt en ................................ | |
| Daaschdeg | 23 | Wann en Alen danzt, mécht e vill Stëbs ........................................ | |
| Mëttwoch | 24 | Wann en Dausendbeen e Bee brécht, da bleift en nach laang nët stoen ......... | |
| Donneschdeg | 25 | Wat de Bierg méi héich, wat den Dall méi déif ........................................ | |
| Freideg | 26 | Vun engem gringen Dësch erwaart ee datt e Friichten dréit ......................... | |
| Samschdeg | 27 | Wat déi aarm Leit soen huet kee Gewiicht ........................................ | |
| **Sonndeg** | 28 | Wat ee méi drénkt, wat ee méi duuschteg gët ........................................ | |
| Méindeg | 29 | Wat ee nët aschlécke kann, muss een erausspäizen ................................. | |
| Daaschdeg | 30 | Wat een nët ännere kann, soll ee roueg erdroen ........................................ | |




Arel : Am Faubourg

# 1993

Am Dezember vill
Schnéi, nächst Jor
vill Kar a Kléi.

# Dezember - Krëschtmount

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Wat ee nët bannen huet, kritt een och nët baussen | ***Luiëndag*** |
| Donneschdeg | 2 | Wat ee sech agebrächt huet, dat muss een ausläffelen | |
| Freideg | 3 | Wat en Alen am Sëtze gesäit, kann ee Jonken nët mol am Stoe gesinn | |
| Samschdeg | 4 | Wat läit mir un dene Blummen déi mäi Graf rëschten | |
| **Sonndeg** | 5 | Wat manner Geld, wat den Duuscht méi grouss | |
| Méindeg | 6 | Wat méi déck Drecker, wat méi déck Schwäin | ***Niklosdag*** |
| Daaschdeg | 7 | Wat méi domm, wat méi stolz | |
| Mëttwoch | 8 | Wat notzt dat schéinst Begriefnës wann ee selwer d'Läich as | |
| Donneschdeg | 9 | Wie bäim Auder as ka sträichen | |
| Freideg | 10 | Wie keng Baarmhërzegkeet kennt, huet keng z'erwaarden | |
| Samschdeg | 11 | Wie keng Schong huet muss buerféiss lafen | |
| **Sonndeg** | 12 | Wien am Däiwel senger Gamell ësst, brauch e laange Läffel | |
| Méindeg | 13 | Wien der Däiwel fäert, deen hëlt en | |
| Daaschdeg | 14 | Wien Duuscht huet, drämt datt en drénkt | |
| Mëttwoch | 15 | Wie sech eppes afbrécht, bedréit sech selwer | |
| Donneschdeg | 16 | Wie sech nët begannt, kënnt zu näischt | |
| Freideg | 17 | Wie vun enger Schlaang gebass gouf, lääft och vrun engem Reewuurm fort | |
| Samschdeg | 18 | Wie wëllt will Bounen iessen, däärf dëst Häerz nët vergiessen | |
| **Sonndeg** | 19 | Wéi de Bam, sou den Apel | |
| Méindeg | 20 | Wëlls de wäit gesinn, da maach d'Aen zou | |
| Daaschdeg | 21 | Zäit as Geld | ***Wanter*** |
| Mëttwoch | 22 | Wou et Bire gët, do gët et och Klëppelen | |
| Donneschdeg | 23 | Wou et Brauch as, do leet een d'Kou an d'Bett | |
| Freideg | 24 | Wou kee Gesckéck as, as kee Virukommen | |
| Samschdeg | 25 | Wou d'Geld ophéiert, fänkt d'Filosofi un | ***Krêschdag*** |
| **Sonndeg** | 26 | Zefriddenheet an der Aarmutt as e Räichtom | ***Stefensdag*** |
| Méindeg | 27 | Wou en Aschloff as, as gemenkerlech och en Ausschloff | |
| Daaschdeg | 28 | Wuer der Däiwel nët hi kann, schéckt en e Buet | ***Kindheet*** |
| Mëttwoch | 29 | Zillt d'Jongen zu Papp an d'Meedercher zu Mamm, da geet et gutt an der Welt | |
| Donneschdeg | 30 | Zënter as der Doud erfond as, as een dës Liewen nët méi sécher | |
| Freideg | 31 | Ze liicht bestued, hanneno de Schued | ***Zilwesterdag*** |